association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Rapport vun der Entrevue mam MENJE vum 13. Mee 2019

Präsenzen
MENJE: Mme M. Bruck, M. R. Nehs, Mme V. Schaber
APESS: M. P. Beil, M. J.-M. Cima, M. G. Everling, M. P. Zeihen

1) Compte épargne-temps (CET)

D'Direktiounen hunn am Ufank vum Schouljoer 2018/19 een Informatiounsschreiwen zum CET kritt laut deem de CET am Enseignement eréischt ab dem Schouljoer 2019/2020 an Usproch geholl kéint ginn. Ab dem Schouljoer 2020/2021 wäert een säin CET iwwert de WebUntis geréieren kënnen andeems een ugëtt, wéi vill Stonnen een wéini wëll ausbezuelt respektiv am nächste Schouljoer vun der Tâche ofgezu kréien. Op Grond vun der Komplexitéit vun der technescher Ëmsetzung ass dëst net éischter ze realiséieren.

D'Stonnen, déi een um CET huet, kritt een eent zu eent eraus an et kann een se fréistens dat Schouljoer drop eranhuelen. De MENJE proposéiert, datt de CET iwwer d'ganzt Joer gëllt, d.h. et kann een net einfach spontan eng Stonn fräihuelen. Domat si mir averstanen well d'Stonnepläng soss net méi ze verwalte sinn. Mir sinn och averstanen mat engem Preavis vu 6 Méint wat d'Anusprochhuelen vum CET ugeet. Wann een et net 6 Méint virdru weess sollt dat och nach méiglech sinn soulaang d'Planung vun de Stonnepläng et zouléisst. Ee ganz reelle Problem dee mir awer gesinn ass deen, datt d'Direktioun e CET-Congé wéinst "Besoin de Service" refuséiere kann. **Do fanne mir, datt dee Refus misst genau begrënnt an d'Zuel vun de sequentielle Refuse sollt limitéiert ginn fir ze verhënneren, datt en Enseignant ni d'Méiglechkeet kritt, z.B. eng Année sabbatique ze huelen.** Mir krute gesot esou eng Begrenzung géif et net am Gesetz. Dat gëllt awer och fir de Preavis. Et gouf och beschwat, datt et am Enseignement net praktikabel wier, fir z.B. eng hallef Stonn CET-Congé ze huelen. Mir mengen, datt kaum een op d'Iddi komme wäert fir sou eng Demande ze maachen.

Wann een sech CET-Stonnen ausbezuele léisst gëtt engem seng Punktzuel vun deem Zäitpunkt geholl wou se ausbezuelt ginn. Déi Stonnen ginn awer als Iwwerstonnen ausbezuelt, also nëmmen zu 36/52. **Dat ass an eisen An net konsistent, well wann een se iwwert d'Tâche eran hëlt gëtt dee "Coefficient réducteur" jo net ugewannt. Doriwwer eraus si mir nach ëmmer der Meenung, datt et eng Diskriminatioun géintiwwer allen anere Staatsbeamten ass, datt eis Iwwerstonnen vill manner bezuelt ginn. Mir fannen dat inakzeptabel.**

Eng weider Fro déi sech stellt ass déi, wéi vill CET-Stonnen ee brauch fir ee Schouljoer fräi ze kréien oder eng Tâche partielle? De MENJE argumentéiert, datt d'Décharges d'ancienneté do ignoréiert géife ginn, esou datt een och mat 55 nach 22 Stonnen vum CET misst huelen fir ee Joer fräi ze kréien, obschonns engem seng Tâche jo do nëmmen 18 Stonnen wieren. **Domat si**

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

mir net averstanen a proposéieren eng Proratiséierung wéi bei der Tâche, d.h. mat 55 brauch een 18 Stonnen um CET fir e Joer fräi ze huelen.

2) Formation professionnelle

De Staatsrot huet seng Oppositions formelles opgehuewen sou datt d'Gesetz gestëmmt gi kann. De neie System féiert jo erëm Punkten an fir d'Kompetenzen ze bewäerten. De Service de la formation professionnelle (SFP) wäert en Depliant preparéieren, deen de System erkläert an d'Schüler kënnen jidderzäit um eduboard.lu kucken wou si an hirem Parcours dru sinn.

Mir hunn d'Problematik vum ëmmer méi déiwen Niveau an der Mathe opgeworf. Mir fannen d'Promotiounskritären, fir vun enger 5e op eng 4e ze kommen, ze niddereg a fuerderen d'Aféierung vun engem méi usprochsvolle Mathescours, vun der 4e un, fir dem Schüler weider Bildungs- a Beruffsméiglechkeeten z'erschléissen. Mir krute gesot, den Zweck vun der Reform vun 2008 wär d'Professionaliséierung vun der Beruffsausbildung gewiescht. E fundamentale Problem wier, datt net genuch widderholl géif ginn. Allerdéngs wier duerch d'Bilane d'Matschleefe vu net gepackte Modullen staark reduzéiert ginn.

Zum Thema Modules préparatoires hu mir gefrot, op et an Zukunft méiglech wier, den zousätzlechen Aarbechtsopwand (4 zousätzlech Schoulstonnen), deen zur Zäit dozou féiert, datt ganz wéineg Schüler déi Modullen probéieren respektiv vill der se ofbriechen, ze reduzéieren andeems een z.B. nëmmen eng Sprooch um avancéierten Niveau misst maachen anstatt zwou. Wann z.B. e Schüler wëll an Däitschland studéiere goen ass net anzegesinn, firwat en onbedéngt och nach muss Franséisch am Module préparatoire maachen.

Mir hunn drop higewisen, datt den aktuelle Bewäertungssystem dem Enseignant e groussen Ermiessensspillraum gëtt fir ze decidéieren, op eng Kompetenz gepackt ass oder net. Mir krute gesot, d'Aféierung vum Punktesystem sollt deem Problem entgéint wierken.

Mir wollte wëssen op eng Evaluatioun vun den Auswierkungen vun der Reform vun der Beruffsausbildung, déi am Schouljoer 2011/2012 ugelaf ass, gemaach gi wier. Déi ass an Aarbecht, et kann een awer nach net genau soen wéini d'Resultater virleie wäerten.

Da krute mir nach gesot, datt laut dem Staatsrot bestane Modullen acquis bleiwe mussen wann een e Joer frësch mécht.

3) Formation continue

De Ministère ass erëm op de Bréif zréck komm, deen den Här Minister den 20.3.19 un d'Schouldirektioune geschéckt hat an op deen mir den 23.3.19 mat engem Communiqué reagéiert haten, deen eise Membere geroden hat, der Opfuerderung, e Choix tëscht zwou Optiounen ze treffen, net no ze kommen, well béid Optiounen keng legal Basis hunn. Mir krute

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

gesot, do léich e Mëssverständnes vir well déi zwou Optiounen hätten eenzeg an eleng den Zweck, den Enseignanten entgéint ze kommen fir datt keen benodeelegt géif ginn andeems de 15.9.19 d'Compteuren einfach all op 0 gesat géifen. Déi, déi wéineg FC gemaach hätten, géifen déi éischt Optioun wielen, déi aner déi zweet. Dat hate mir jo schonns an der leschter Reunioun mam Här Educatiounsminister den 21.3.19 beschwat.

De MENJE wëll op alle Fall d'FC vun 48 Stonnen iwwer 3 Joer oprecht erhalen an de Projet de loi ass an der Chamber deposéiert (Rôle des affaires 7440 um https://chd.lu). Et géifen haut vill sënnvoll Formatiounen vum IFEN ugebuede ginn.

Eise Standpunkt ass deen heiten:

a. Eng FC déi verfält gëtt et soss néierens beim Staat, dat ass also eng Diskriminatioun am Verglach mat allen aneren Staatsbeamten.
b. D'FC ass am Beamtestatut gereegelt dee fir d'Karriär A1 30 Deeg (also 180 Stonnen) FC virgesäit fir an de leschte Grad ze kommen. D'FC gëtt bei den anere Fonctionnairen net nëmmen bezuelt mä ass mat Avancementer an der Karriär verbonnen. Dogéint soll en Enseignant, wann en 40 Joer aktiv ass, 40 * 16 -> 640 Stonnen FC maachen, also méi wéi dat dräifacht an déi zousätzlech 460 Stonnen si net mat Avancementer verbonnen. En plus sinn déi 640 Stonnen och nach a senger Virbereedungszäit ze maachen, wärend all anere Staatsbeamten déi 180 Stonnen wärend senger Aarbechtszäit mécht. Mir krute gesot, dat wier eng politesch Entscheedung. Ausserdeem wier d'FC vun de meeschten Enseignanten akzeptéiert. Deem hu mir widdersprach. Vum Feedback dee mir vun eise Memberen a Kollege kruten ass kloer, datt d'FC vun 48 Stonnen iwwer 3 Joer net akzeptéiert ass. Dovun ofgesinn muss och e neit Gesetz bestoend Gesetzer respektéieren, ënner anerem de Beamtestatut. Dobäi kënnt, datt vill Leit sech selwer kontinuéierlech weider bilden, souwuel wat hiert Fach wéi och d'Pädagogik an d'Didaktik ugeet, z.B. duerch eege Recherchen, d'Studéiere vu Bicher oder den Austausch mat Kollegen, ouni dofir an eng formell Formatioun missen ze goen. **Mir fuerderen, datt de Professer, wéi al anere Staatsbeamten och, 30 Deeg FC mécht fir seng Karriär ze kréien an datt en d'Halschent dovunner wärend senge Course ka maachen an déi aner Halschent ausserhalb.** Dat schéint eis logesch, vu datt eis Tâche jo virgesäit, datt eng Schoulstonn eng Stonn Cours an eng Stonn Virbereedung beinhalt.
c. Wann de MENJE der Meenung ass, datt eise Beruff vill méi usprochsvoll ass wéi deen vun den aneren Staatsbeamten a mir dofir méi FC brauchen, da muss eng nei Karriär fir eis geschaaft ginn fir datt déi zousätzlech FC och mat Avancementer an der Karriär verbonnen ass.

De 24.7.7 ass d'Lettre ministérielle duerch den ACT72 ersat ginn wou 8 Stonnen FC dobäi komm sinn. Mir hunn drun erënnert, datt d'Regierung am Prozess géint den RGD vum 24.1.17 iwwert d'Erhéijung vun der FC behaapt hat, keen Enseignant géif iwwerhaapt un déi 72 Stonnen eru

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

kommen, dofir hätt och keen Enseignant e Problem fir am Kader vum ACT72 16 anstatt 8 Stonnen FC ze maachen. Mir gesinn dat als Beleidegung vum Corps enseignant.

4) Gratis Bicher a Fotokopien

Hei gëtt et keng Ännerung. D'obligatoresch Supports de cours fir d'Optiounsfächer gi bezuelt.

Mir hunn op e neits verlaangt, datt d'Enseignanten och sollen d'Bicher a Fotokopie bezuelt kréien. Dat gouf refuséiert, well d'Elteren a Schüler sollen dovunner profitéieren a mir kéinten dat jo vun de Steieren ofsetzen.

Mir fannen et inakzeptabel, datt mir eist Aarbechtsmaterial musse selwer bezuelen. Dat gëllt ëmsou méi fir iPaden a Computeren.

5) Aneres

Mir kruten no eiser leschter Reunioun mam Här Minister zum Thema Reform vum Stage matgedeelt, datt eis Bedenken, wat d'Nominatioun vu Stagiairen mat engem pädagogesche Master am Fach scho no engem Joer ugeet, berécksiichtegt gi wieren well déi elo net méi automatesch eng Reduktioun vun engem Joer kréichen, mä trimesteriell Dispensen, ofhängeg vun hirer Ausbildung, missten ufroen. Dat gesäit also no enger méi differenzéierter Approche aus mam Argument, datt an all Land d'pädagogesch Studien anescht wieren. Mir kruten awer eise Verdacht bestätegt, datt dat am Endeffekt meeschtens op dat selwecht eraus leeft, nämlech d'Nominatioun no engem Joer, am Géigesaz zum Master am Fach, deen seng Karriär eréischt e Joer méi spéit ufänkt.

6) Zukünfteg Reuniounen

Mir hunn erëm drun erënnert, datt mir säit 16 Méint op een eis versprachene Rendez-vous mam CGPO a mam MENJE waarden fir eng Rei Karriärsfroen ze beschwätzen. Mir si gefrot ginn wat mir genau beschwätze wéilten:

1. D'Karriär vum Kandidat.
2. D'Revaloriséierung vun eiser Karriär.
3. D'korrekt Bezuelen vun den Iwwerstonnen.
4. D'Rëmafeieren vun der Lettre ministérielle an doduerch och eng FC, déi deenen anere Staatsbeamten entsprécht.
5. Eng weider Décharge pour ancienneté: 1 ab 40 Joer, 2 ab 45, 3 ab 50 a 5 ab 55.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426